PIRATEN
PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Lëtzebuerg, den 4 Juni 2025

# Communiqué

**Am Kader vun der Enquête vum Europäesche Parquet zum Projet MALT ass d'Parteileedung vun de Piraten den 3 Juni zesummekomm, fir iwwert den aktuelle Stand, aktuell Dokumenter a weider Schrëtt ze beroden. An dësen Diskussiounen, huet d'Parteileedung aus Grënn vun der Transparenz och decidéiert, dëse Communiqué ze verfaassen, fir och no baussen den aktuelle Stand ze kommunizéieren.**

D'Piratepartei Lëtzebuerg confirméiert, dass duerch e riichterleche Beschloss am Kader vun der Enquête vum Europäesche Parquet (EPPO) de 24. Abrëll 2025 insgesamt 23.801,72 EUR vun eise Parteikontoen beschlagnamt goufen. D'Partei kooperéiert, wéi och schonns virdrun, a vollem Ëmfang mat de pertinenten Autoritéiten.

D'MALT-Affär geet zeréck op d'Joer 2016. Déi grouss Majoritéit vun der Parteileedung war zu dësem Zäitpunkt net an der Partei aktiv.

D'Parteileedung hofft op eng schnell juristesch Klärung an zielt op d'Kooperatioun vun alle beschëllegte Persounen am Dossier MALT. Dës solle bereet sinn, hir Verantwortung ze iwwerhuelen an déi entstane finanziell Schied vun der Partei ze iwwerhuelen. D'aktuell Onsécherheet stellt eng grouss Belaaschtung fir d'Memberen an d'Mataarbechter:innen vun der Partei duer. D'Parteileedung setzt op komplett Transparenz an Éierlechkeet a wäert déi juristesch Opklärung vun der MALT-Affär aktiv ënnerstëtzen. Trotz dëser Situatioun, ass a bleift d'Partei awer souwuel op politeschem als och op finanziellem Plang handlungsfäeg.

D'Piratepartei an all inculpéiert Acteure gi vu getrennten Affekoten an dëser Enquête vertrueden. D'Parteileedung präziséiert, dass de Sven Clement an der MALT-Affär net am Numm vun der Partei schwätzt.

D'Piratepartei setzt sech weiderhi fir eng oppen, responsabel a transparent Politik an.